N°255
Entrée le 04.03.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Finances

**Äntwert vum Här Finanzminister, Gilles Roth, op d'parlamentaresch Fro n°255 vum 31. Januar 2024 vum éierbaren Deputéierte Sven Clement**

Duerch d'Budgetsgesetz vum 23. Dezember 2022 fir 2023, ass den Datum op deem d'Steiererklärunge bei der Steierverwaltung eragereecht musse ginn, op den 31. Dezember vun dem Joer dat op d'Steierjoer follegt, festgesat ginn. Dëst bedeit, datt eng Deklaratioun déi iwwert de Postwee geschéckt gëtt, muss bei engem Büro oder Service vun der Steierverwaltung virum Oflaf vun dem virgeschriwwenen Datum, also bis um Mëtternuecht den 31. Dezember agaange sinn.

Schreiwes an Enveloppe mat Deklaratiounen, déi de Poststempel vum 31. Dezember droen, sinn *de facto* net de selwechten Dag bei der Steierverwaltung eragereecht ginn, a respektéieren esou net de virgeschriwwenen Delai.

Fir steierflichteg Persounen, déi d'Konditioune vum 1. Abschnitt vum Artikel 153 vum Akommessteiergesetz erfëllen, an déi de virgenannten Delai vum 31. Dezember net respektéieren, kënnen, op Basis vun enger Ermiessensentscheedung vum Preposé vum Steierbüro, sanktionnéiert ginn.

Steierzueler, déi net ënnert d'Bestëmmunge vum 1. Abschnitt vum Artikel 153 vum Akommessteiergesetz falen, an déi wëllen iwwert de Wee vun der Assiette besteiert ze ginn, mussen dës Ufro bis den 31. Dezember vum Joer dat op d'Steierjoer follegt, eragereecht hunn. Sollt dës Ufro nom genannten Delai gemaach ginn, gëllt se als verspéit. Déi betraffe Steierzueler ginn an esou Fäll vun de respektive Servicer ugeschriwwen a kréien dës Entscheedung an d'Recoursméiglechkeete matgedeelt.

An der éischter Woch vum Mount Januar 2024 sinn ongeféier 5,9 Prozent vun den immatrikuléierten Dossiere vum Steierjoer 2022 vu physesche Persounen, also ronn 19.700 Akommessteierdeklaratiounen, informatesch festgehale ginn. Et bleift ze bemierken, datt dëst d'Deklaratioune sinn, déi um Weekend vum 30. an 31. Dezember 2023 bis de 5. Januar 2024 eragereecht gi sinn, an esou och Deklaratioune betreffen, déi nach de virgeschriwwenen Delai respektéieren.

Lëtzebuerg, den 4. Määerz 2024

De Finanzminister

(s) Gilles Roth